Lëtzebuerg, den 28. November 2024

FOKUS.

# Ee biergerlechen Déngscht fir Lëtzebuerg

Als eenzeg Partei zu Lëtzebuerg fuerdert Fokus een obligatoresche biergerlechen Déngscht, fir jonk Männer a Fraen. Dësen obligatoreschen Déngscht, deen **zertifiéiert a renumeréiert** soll sinn, kann **entweder am zivillen oder militäresche Beräich** geleescht ginn. Virbild fir eise Modell ass Éisträich, wou et dësen Déngscht zanter elo gutt 50 Joer als Ersatz fir de Militärdéngscht gëtt. An der Alperepublik dauert den Zivildéngscht 9 Meint a muss virum 35ten Liewensjoer gemaach ginn. D'Ziel ass jonke Leit d´Engagement fir d'Allgemengheet mei no ze brengen an als Gesellschaft **besser op Krisenzäite preparéiert ze sinn, beispillsweis wann Naturkatastrophen oder sanitär Krisen d'Land treffen**.

Etuden an Éisträich weisen, dass 3 vun 4 Jonker, duerno besser kënnen op onbekannte Situatioune reagéieren a **mei Versteesdemech opbrénge fir eeler a vulnerabel Leit**. An der Alperepublik bleiwe vill Jonker, ëmmerhi ronn 35%, nom Zivildéngscht nach éierenamtlech aktiv a stäerken de Sozialsystem, de Gesondheetssecteur, Veräiner an Associatiounen. **Fokus ass der Meenung, dass een Zivildéngscht och hei d'Eirenamt stäerke kann,** ënnert anerem och am Gesondheetssecteur, wou speziell hei am Land an de nächste Joren ee grousse Besoin besteet.

Ee biergerlechen Déngscht kéint eng grouss Hëllef si fir eisen, Sozial- a Gesondheetssystem. E géif d'Land mei Krisefest maachen. E géif donieft **jonk Leit aus alle Gesellschaftsschichten zesummebréngen**, hinne **grondleeënd Wäerter mei no bréngen**, d'Eirenamt stäerken, den Zesummenhalt an der Gesellschaft stäerken. E kéint de Grondstee leeë fir eng aner Approche eiser Jugend géintiwwer, an eis all weisen, dass eis Gesellschaft mei kann, wéi dat wat se haut fäerdeg bréngt.